ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Chineesesch Fuerscher hunn am Beräich vun der Kärenergie viru kuerzem den éischte Flëssegsalzreaktor a Betrib geholl. Dës neiarteg Reaktore hunn net méi de Risiko vun enger Kernschmelze an och de Probleem vum klasseschen Atomoffall stellt sech net méi. Doriwwer setzt d'Kärenergie allgemeng keng Zäregaser fräi.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Energieminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet den Här Minister zu dësem Projet? Gesäit hien heiran och eng potenziell Technologie fir den europäesche Maart?
2) Lëtzebuerg ass wéi sämtlech Länner vun der europäescher Unioun, um internationale Forschungsprojet zu der Kärfusioun "Reacteur thermonucleaire experimental international" bedeelegt. Gesäit de Minister dee chineeseschen Duerchbroch éischter als Ergänzung oder als Konkurrenz zu dësem Projet?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten